N° 8231
Entrée le 11.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8231 vum 11. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Léon Gloden iwwer den Achat rétroactif**

*- Kann den Här Minister des Informatioune bestätegen ?*

*- Wéi an op wei enger Basis ginn d'« Intérêts échus » berechent ?*

*- Wier et net méiglech de Leit, wann se ophale mat schaffen, e Bréif zoukommen zeloosse wou se drop opmierksam gemaach ginn, dass wann se wëlle Pensiounsrechterzu engem spéideren Zäitpunkt nokafen nieft dem Montant vun de « Cotisation dues »och nach Zënse mussen nobezuelt ginn ?*

Persounen déi aus familiäre Grënn hier professionell Aktivitéit ënnerbrach oder reduzéiert hunn, ouni sech fir d'Pensioun weiderzëversécheren, kënnen di jeeweileg Zäite spéiderhin nokafe mat engem "Achat rétroactif".

Esou een Achat rétroactif as ausserdeem nach méiglech, wann een sech ausbezuele gelooss huet aus engem Pensiounsregimm vun engem Land ouni bi- oder multilateral Konventioun mat Lëtzebuerg a Saache Pensiounsversécherung, respektiv, wann een aus engem Pensiounsregimm vun enger internationaler Organisatioun austrëtt.

Den Achat rétroactif besteet aus enger Unerkennung vu Cotisatiounen a Perioden an der Vergaangenheet. D'"Assiette cotisable" déi an d'Carrière vum Versécherten enregistréiert gëtt an d'Cotisatiounen déi dorausser erfalen entspriechen also enger Valeur déi sech op d'Vergaangenheet bezitt. Des Valeur muss natierlech op dat lafend Joer aktualiséiert ginn. Dofir ginn Zënsen op den entspriechende Montant applizéiert, pro vollendet Joer, ugefaangen dat Joer no der viséierter Period, bis dat Joer virun der Conclusioun vum Achat rétroactif. Et handelt sech heibäi ëm "intérêts composés", also Zënseszënsen. Den Zënstaux beleeft sech op 4%.

Dësen Taux beinhaltet och all Consideratioun vun Indexatioun séit der viséierter Period, déi dem Versécherten zum Zäitpunkt vun der Pensioun da wäert zegutt kommen. Aus enger aktuarieller Siicht eraus, iwwersteigt de Wert vum Benefice vun enger méi héijer Pensioun de Käschtepunkt vum Achat rétroactif, mee den eenzele Versécherte ka selwer jugéieren ob een Achat rétroactif a senger Situatioun di beschte Léisung ass.

Nom Traitement vun enger Déclaration de sortie informéiert de *Centre commun de la sécurité sociale* de Versécherten iwwert d'Méiglechkeet vun enger fräiwëlleger Versécherung. Et handelt sech ëm eng Informatioun, déi an där Situatioun och pertinent fir de Versécherten ass. De Ministère fir sozial Sécherheet huet ausserdeem am Joer 2020 ee *Booklet* erausbruecht, fir iwwert all d'Méiglechkeete fir seng Pensiounsrechter ze behalen, z'informéieren. Dëst Dokument, dat och informéiert iwwert di applizéiert Zënse beim Achat rétroactif, ass a fënnef Sprooche online disponibel (https://mss.gouvernement.lu/dam-assets/publications/brochure-pension-2020/AssurancePension-fr.pdf) an ass och op villen ëffentleche Verwaltungen op Pabeier ze fannen.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen